**25 Projeten ginn an der 2. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt**

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 33 Projeten analyséiert.

**25** Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen **8** Projeten vun lëtzebuerger Réalisateuren ënnerstetzt :

- D'série **MOVE ! SAISON 5** vum Julie Schroell, Eileen Byrne an Yann Tonnar ;
- De long-métrage animation **DUDLEY AND THE INVASION OF THE SPACE SLUGS** vum Bakhti Chérifa ;
- Den documentaire **ORA ET LABORA** vum Dzhovani Gospodinov ;
- Den documentaire **LE CAS NORBERT JACQUES** vum Claude Lahr ;
- Den documentaire **LUXEMBOURG 1940 : L'ÉNIGME HOININGEN** vum Grégory Goethals ;
- Den projet transmédia **RADIO LUXEMBOURG** vum Dominique Santana ;
- De court-métrage **I WILL BE ALRIGHT !** vum Cyrus Neshvad ;
- De court-métrage **THE SHOE** vum Solveig Harper.

Am Ganzen ginn 9 Filmer, 4 Animatiounsfilmer, 6 Documtairen, 2 Live Sérien, 1 Docuemntaire Sérien, 2 Kuerzfilm an 1 VR Projten finanziell ënnerstëtzt.

De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wärt dann am Juli 2024 statt fannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.